N°2412
Entrée le 04.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

RTL.LU beriicht an engem Artikel vum 3te Juni, dass de Brakeweier op der Kockelscheier sanéiert gëtt. Iwwert déi lescht Joren hätt sech ze vill Bulli a soss organescht Material, duerch Mënsch, Déier a Planzen hei ofgesat. Weider gëtt am Artikel geschriwwen, dass verschidden Déieren fir kuerz Zäit an aner Weieren ëmgesidelt ginn an invasiv Aarte ginn dout gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat setzt d'Verwaltung drop, dass déi Déieren dout gemaach ginn a kënnen net ënnert anere Konditioune gehalen an um Liewe gelooss ginn?
2. Wéi eng Aarten Déiere ginn hei dout gemaach?
3. Wéi ginn dës Déieren dout gemaach?
4. Wéi vill Déieren wäerten hei insgesamt dout gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten